adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 19. Juli 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Kader vun de schwéieren Iwwerschwemmungen, déi eist Land déi lescht Deeg getraff hunn, goufen un der Staumauer zu Esch-Sauer d'Schleisen opgemaach, fir Waasser ofzeloossen. Dëst ass geschitt, well verhënnert sollt ginn, datt de Stauséi iwwert d'Mauer iwwerleeft. An deem Kontext stellt sech och d'Fro, a wéi wäit d'Staumaueren zu Esch-Sauer a Rouspert deenen enorme Belaaschtunge standhale kënnen.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Madamm Ëmweltminister:

1. Goufen am Kader vun de schwéieren Iwwerschwemmunge Rëss an/oder soss Elementer festgestallt, déi op eng Beschiedegung vun de Staumaueren zu Esch-Sauer a Rouspert hiweisen? Wa jo, wéi gesäit dëse Schued konkret aus?
2. Ginn d'Experten allgemeng dovun aus, datt d'Staumaueren zu Esch-Sauer a Rouspert och deenen extremen Iwwerschwemmungen, wéi mir se an de leschten Deeg haten, problemlos gewuess sinn?
3. Gëtt am Kader vun de rezenten Iwwerschwemmungen eng speziell Analys, respektiv, e Bilan gemaach, wat fir en Afloss dës extrem Wiederphenomener op den Zoustand vun de Staumaueren zu Esch-Sauer a Rouspert hunn?
4. Gëtt den Zoustand vun de Staumaueren zu Esch-Sauer a Rouspert reegelméisseg iwwerpréift? Wéi eng Erkenntnisser erginn sech dorauser?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**